

newsmag

N 287 | September 2026

 **150 JOER**
SCHÉFFLENG





Eis Gemeng

Notre Commune

Awunner-innen / Habitant-e-s : 11.844

- » Fraen / Femmes : 5.933
- » Männer / Hommes : 5.911

Gesamtfläch / Superficie : 771 Ha

Personal / Personnel : 283

- » Fraen / Femmes : 154
- » Männer / Hommes : 129



Éditeur responsable

Gemeng Schöffleng



Rédaction

Service des citoyens et de la communication



Layout, Conception

Comed, Gemeng Schöffleng



Illustrations

Dirk Kessler



Impression

Imprimerie Heintz



Tirage

5 000 exemplaires

Virwuert vum Buergermeeschter / Le mot du bourgmestre	4
Retrospektiv / Rétrospective	6
Save the date	16
› Agenda	18
Fokus / Focus	22
› Development	24
› Environment	28
› Kids	36
› Youth	40
› Seniors	44
› Sports	50
Gemengerotssätzungen / Réunions du conseil communal	52
Verschiddenes / Divers	62



13.05.1945

Cortège de la victoire qui commémore la fin de la Seconde Guerre mondiale en Europe à la suite du VE-Day du 8 mai 1945. On distingue le cortège qui circule probablement dans l'actuelle avenue de la Libération en direction d'Esch à hauteur de la rue des Mines.



Carlo Feiereisen

Buergermeeschter
Bourgmestre

LU — Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Säit der leschter Editioun vum Newsmag war zu Schëffleng erëm vill lass. Eis Gemeng bleift eng lieweg Gemeng, déi sech permanent weiterentwéckelt a virun allem vum Engagement vun hire Bierger-innen a Veräiner gedroe gëtt. D'Veanstaltungen an Initiative vun de leschte Méint hunn nach eemol gewisen, wéi staark d'Zesummeliewen hei verwuerzelt ass.

De 6. Juli huet Schëffleng säin 150. Gebuertsdag gefeiert – e symbolkräftege Meilesteen an den Optakt vun engem ganze Jubiläumsjoer. Eng flott Geleeënheet, fir zesummen op 150 Joer Gemeengegeschicht zeréckzekucken an dëse besonnesche Moment ze feieren. Nieft de Ministeren an Deputéierten aus dem Südbezirk, dem Gemengerot an eisen Éierebuergermeeschtere waren och d'Buergermeeschtere vun den Nopeschgemengen, eng Delegatioun vun Drusenheim, de Comité „150 Joer Schëffleng“, d'Veräiner an d'Gemengeservicer vertrueden.

E weidere wichtege Moment war d'Verdeelung vum éischte Schëfflenger Kulturpräis. Mat dësem Präis ënnersträicht d'Gemeng hir Ënnerstëtzung fir hir kulturell Acteuren an déi kreativ Diversitéit, déi eis esou beräichert.

Och eis Schëfflenger SummerBar, déi vum 8. bis de 25. Juli op der Place Grande Duchesse Charlotte stattfonnt huet, huet fir vill Begeeschterung gesuergt. Mat Musek, Sport, Kultur a schéinem Wieder war fir jiddereen eppes dobäi.

Op internationalem Niveau huet eng Schëfflenger Delegatioun zu Bad Segeberg an Däitschland um European People's Festival deelgeholl. Verrieder aus 15 europäesche Länner sinn a Sport a Kulturkompetitiounen ugetrueden. Mir gratuléieren eiser Ekippe fir hir aussergewöhnlech Leeschtung, duerch déi si sech eng 2. Plaz an de Fairplay Präis séchere konnten.

Parallel dozou gëtt intensiv un der Zukunft vun eiser Gemeng geschafft. An dëser Editioun fannt Dir zwou nei Sektoren: *Development* - mat engem Bléck op eis Chantieren an d'Verännerunge vun der Schëfflenger Landschaft, an *Environment* - mat engem Fokus op



22.06.1974

Veille de la fête nationale. L'Harmonie Municipale de Schiffange interprète un morceau sur les marches de l'ancien kiosque qui se trouvait sur la place de la Liberté.

d'Aktioun „Commune sans Tabac“, eis Offallverwaltung an déi nei Subventiounen am Beräich Klima, Energie an Naturressourcen.

Och an de kommende Méint ass erëm vill lass zu Schëffleng. Zu den Highlights zielen de Schëfflenger Sportspräis, den Hobbymoart, de Kleeschen an eis Seniorefeier. E Bléck an eisen Agenda lount sech, fir näischt ze verpassen.

Den 19. September wäert zu Schëffleng alles am Zeeche vun der doucer an nohalterger Mobilitéit stoen: op der Fräiheitsplaz erwaart Grouss a Kleng e liewege Programm mat engem Repair Café, engem Parcours fir Vëloen an Trotinetten an enger Mini Marche Gourmande, ier et nomëttes mat engem familljefrëndleche Vëlos Tour duerch d'Duerf weidergeet. De Mobilitéitsdag bréngt Generatiounen zesummen, fir Mobilitéit ze entdecken, ze genéissen an aktiv ze erliewen.

Loosst eis weider zesumme fir e Schëffleng schaffen, dat oppen, solidaresch an nohalteg bleift.

Villmools Merci fir Äert Engagement an Äert Vertrauen.

FR — Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Depuis la dernière édition du Newsmag, Schifflange a vibré au rythme de nombreuses activités et initiatives. Notre commune reste un lieu vivant, en constante évolution, porté avant tout par l'engagement de ses habitant·e·s et de ses associations. Les événements et initiatives des derniers mois ont démontré, une fois de plus, la force du vivre-ensemble qui caractérise notre commune.

Le 6 juillet, Schifflange a célébré son 150^e anniversaire – une date hautement symbolique qui marque le début d'une année jubilaire et nous invite à revisiter une histoire communale riche de 150 ans. Aux côtés des ministres, des députés du Sud, du conseil communal et de nos anciens bourgmestres, étaient également présents les bourgmestres des communes voisines, une délégation de Drusenheim, le comité « 150 Joer Schëffleng », les associations locales ainsi que les responsables des services communaux.

Un autre moment fort a été la remise du 1^{er} Prix culturel de Schifflange. À travers ce prix, la Commune réaffirme son soutien aux acteur·rice·s culturels et à la diversité créative qui enrichit notre vie locale.

Notre SummerBar, organisée du 8 au 25 juillet sur la Place Grande-Duchesse Charlotte, a elle aussi rencontré un beau succès. Entre musique, sport, culture et beau temps, elle a offert de nombreux moments conviviaux.

Sur le plan international, la délégation schifflangeoise a participé au European People's Festival à Bad Segeberg, en Allemagne. Des équipes issues de 15 pays européens ont concouru dans différentes disciplines sportives et culturelles. Nous félicitons chaleureusement notre équipe, qui a décroché une 2^e place ainsi que le Prix du Fair Play.

Parallèlement, la Commune poursuit activement ses projets d'avenir. Dans cette édition, vous trouverez deux nouvelles rubriques : *Development*, qui présente l'évolution du paysage schifflangeois et les chantiers en cours, ainsi qu'*Environment*, axée sur l'action « Commune sans



© Collection personnelle de Daniel Jordae

13.10.1944

Après la libération de Schifflange en 1944, les écoles furent transformées en hôpital militaire par le 100th Evacuation Hospital, installé quelques jours dans l'actuelle école Albert Wingert, où les GI's, dont la lieutenant infirmière Ruth E. Reinhold, rencontrèrent la population, comme sur cette photo prise dans la rue Basse près de l'ancienne gendarmerie.

Tabac », sur la gestion des déchets et sur les nouvelles subventions dans les domaines du climat, de l'énergie et des ressources naturelles.

Les prochains mois seront eux aussi riches en événements. Parmi les incontournables figurent le Prix sportif schifflangeois, le Hobbymoart, la visite de Saint Nicolas et la fête des seniors. Un coup d'œil à notre agenda vous permettra de ne rien manquer.

Le 19 septembre, Schifflange vivra une journée entièrement dédiée à la mobilité douce et durable : sur la Place de la Liberté, petits et grands pourront profiter d'un programme varié avec un atelier de réparation participatif (Repair Café), un parcours pour vélos et trottinettes ainsi qu'une Mini-Marche Gourmande, avant de poursuivre l'après-midi avec une balade familiale à vélo à travers la commune. Cette journée rassemblera toutes les générations autour du plaisir de bouger, de découvrir et de vivre la mobilité autrement.

Continuons ensemble à construire une commune ouverte, solidaire et durable.

Merci pour votre engagement et votre confiance.

Retro- spektiv



LU _ An dëser Editioun werfe mir zesammen e Bléck op déi spannend Evenementer an traditionell Rendez-vousen déi eis Gemeng an de leschte Méint a Woche gepräägt hunn. Mat Spannung freeë mir eis awer och op dat wat eis an den nächste Méint erwartet.

FR _ Dans cette édition, nous vous proposons une rétrospective des moments forts qui ont rythmé notre vie locale lors des dernières semaines et des derniers mois. Ensemble, célébrons ces instants qui ont enrichi et animé notre commune.



10.07. - 12.07.2026

Summer Kiermes / Kermesse d'été



18.07.2026

Biergeratelier / Atelier Petit-Dej'Citoyen



4.07. - 12.09.2026

Expo - The Sweet Spot by Augenschmaus



28.09 - 29.08.2026

Open Air Kino / Cinema en plein air



31.08.2026

Streikgedenkteier



31.08.2026

Streikgedenkteier



AMCIS - Video
Reportage

150 Joer Gemeng Schëffleng



LU — De 6. Juli, huet d'Gemeng Schëffleng hir 150 Joer gefeiert – e symbolkräfigen Datum, mat deem e ganz Jubiläumsjoer ageleet gëtt. Dëse besonnesche Gebuertsdag huet eng wonnerbar Geleeënheet gebueden, fir zesummen op 150 Joer Onofhängegkeet zeréckzekucken an dëst bedeitend Kapitel vun eiser Gemengengeschicht ze feieren.

Nieft de Ministeren an Deputéiert aus dem Südbezirk, dem Gemengerot an eisen Éierebuergermeeschteren, waren och sëlleg aner Invitéeën um Rendez-vous: d'Buergermeeschtere vun den Nopeschgemengen, eng Delegatioun vun Drusenheim, de Comité „150 Joer Schëffleng“, d'Schëfflenger Veräiner esouwéi d'Responsabel vun de Gemengeservicer.

Dës symbolkräfig Feiertag huet Schëffleng vereent an e staarke Startschoss fir e bedeutungsvoll Jubiläumsjoer gesat.

FR — Le 6 juillet, la Commune de Schiffange a célébré ses 150 ans – une date symbolique qui marque le lancement d'une année jubilaire. Cet anniversaire exceptionnel a offert une belle occasion de revenir ensemble sur 150 ans d'indépendance et de célébrer ce chapitre important de l'histoire de notre commune.

Aux côtés des ministres et députés du Sud, du conseil communal et de nos bourgmestres honoraires, de nombreuses personnes étaient présentes : les bourgmestres des communes voisines, une délégation de Drusenheim, le comité « 150 Joer Schëffleng », les associations locales ainsi que les responsables des services communaux.

Cette célébration symbolique a réuni Schiffange et lancé avec force une année jubilaire empreinte de signification.





6.07.2026
150 Joer Gemeng Schëffleeng



Galerie photo
[www.schiffange.lu/
visiteurs/galerie](http://www.schiffange.lu/visiteurs/galerie)



Éischte Schëfflenger Kulturpräis / Première édition du Schëfflenger Kulturpräis

LU — Den 9. Juli goufen an der Schëfflenger SummerBar op der Place Grande-Duchesse Charlotte déi kulturell Laureat-inne geëiert. Zu dësem flotte Moment waren all Awunner-innen häerzlech invitéiert, fir zesumme mat de Responsabele vun der Gemeng d'Laureat-inne vum Schëfflenger Kulturpräis ze feieren.

An engem Interview hunn de Carlo Feiereisen, Buergermeeschter, an den Yves Marchi, Schäffen a President vun der Kulturkommissioun, ënner anerem erkläert, wéi et zu dëser éischter Editioun vum Schëfflenger Kulturpräis komm ass.

Nieft de ville Laureat-innen am Beräich vun der Kultur konnt d'Yvette Gastauer-Claire de Éischte Schëfflenger Kulturpräis mat heem huelen. D'Yvette Gastauer-Claire ass eng bedeitend lëtzebuergesch Sculptrice, déi mat Bronze, Aluminium a Gosseise schafft. Hir Wierker sinn am ganze Land ze fannen – besonnesch zu Schëffleng, wou si zanter Joerzéngten d'Konschtlandschaft mat Skulpturen, Landkonscht an Erënnerungswierker matgestalt.

Et war e flotten an ofwiesslungsräichen Owend, moderéiert vum Kany Touré, mat beandrockenden Danzoptrëtter vum Jill Crovisier an der Junior Company Luxembourg, ënnert der artistescher Leedung vum Marie-Laure Neiseler.

FR — Le 9 juillet, les lauréat-e-s culturels de Schiffange ont été mis-e-s à l'honneur à la SummerBar, sur la place Grande-Duchesse Charlotte. À cette occasion, l'ensemble des habitant-e-s était chaleureusement invité à célébrer, aux côtés des responsables de la Commune, les lauréat-e-s du Schëfflenger Kulturpräis.

Lors d'une interview, Carlo Feiereisen, bourgmestre, et Yves Marchi, échevin et président de la commission de la culture, ont notamment expliqué comment est née cette première édition du Schëfflenger Kulturpräis.

Parmi les nombreux-ses lauréat-e-s du domaine culturel, Yvette Gastauer-Claire s'est vu décerner le 1^{er} prix d'art de Schiffange. Yvette Gastauer-Claire est une sculptrice luxembourgeoise reconnue, travaillant le bronze, l'aluminium et la fonte. Ses œuvres sont présentes dans tout le pays, notamment à Schiffange, où elle contribue depuis des décennies à façonner le paysage artistique à travers des sculptures, des interventions d'art paysager et des créations commémoratives.

La soirée, variée et conviviale, a été animée par Kany Touré et ponctuée de remarquables prestations de danse de Jill Crovisier et de la Junior Company Luxembourg, sous la direction artistique de Marie-Laure Neiseler.





9.07.2026

Éischte Schëfflenger Kulturpräis
Première édition du Schëfflenger Kulturpräis



AMCIS - Video
Reportage

Schöfflenger SummerBar



LU — Vum 8. bis de 25. Juli war d'SummerBar op der Place Grande-Duchesse Charlotte den Treffpunkt fir eng flott Schöfflenger Summeratmosphär. Mat engem diverse Programm aus Musek, Sport a Kultur huet si fir vill schéi Momenter gesuergt. E grouse Merci un all déi, déi komm sinn, fir dës SummerBar ze genéissen, an un eis lokal Veräiner, déi mat hirem Engagement a gudder Laun dozou bäigedroen hunn, datt d'SummerBar esou flott war.

Mir freeën eis lech op der 2. Editioun erëm ze begrüessen.

FR — Du 8 au 25 juillet, la SummerBar a animé la place Grande Duchesse Charlotte, devenant le point de rencontre incontournable pour une ambiance estivale à Schiffange. Grâce à un programme varié mêlant musique, sport et culture, elle a offert de nombreux moments agréables. Un grand merci à toutes celles et tous ceux qui sont venus profiter de cette SummerBar, ainsi qu'aux associations locales dont l'engagement et la bonne humeur ont largement contribué à la rendre si réussie.

Nous nous réjouissons déjà de vous accueillir lors de la 2^e édition.





8.07. - 25.07.2026
Schöfflenger SummerBar 2026

European People's Festival

LU — Eng Schëfflenger Delegatioun huet zu Bad Segeberg an Däitschland, beim European People's Festival (EPF) deelgeholl. Während dem Event hunn Delegatiounen aus 15 europäesche Länner a verschiddene Sport- a Kulturkompetitiounen deelgeholl.

Mir gratuléieren eiser Schëfflenger Ekipp fir hir aussergewöhnlech Leeschtung duerch déi si sech eng 2. Plaz an de Fairplay-Präis um Festival séchere konnt.

Zum European People's Festival

Den 1. European People's Festival gouf am Juli 1992 zu Libramont, an der Belsch, inauguréiert. D'Zil vun där Initiativ war et 60 Participanten aus deenen 12 Grënnungsstied vun der Europäescher Unioun fir e paneuropäesche Festival voller Sport a Kultur zesummen ze bréngen. Sait senger Grënnung fënnt de Festival all Joer an engem anere Land statt.

Aktuell zielt de Festival 15 Participanten, dozou gehéiert och d'Gemeng Schëffleng, déi den EPF schonn 2003, 2013 an 2022 organiséiert huet.

FR — Une délégation de Schiffange a participé à Bad Segeberg, en Allemagne, au European People's Festival (EPF). Pendant l'événement, des délégations de 15 pays européens ont participé à diverses compétitions sportives et culturelles.

Nous félicitons notre équipe schiffangeoise pour sa performance remarquable, grâce à laquelle elle a décroché une 2^e place ainsi que le prix du fair-play du festival.

À propos du European People's Festival

Le European People's Festival a été inauguré à Libramont, en Belgique, en juillet 1992, avec pour objectif d'inviter 60 participants de chacun des 12 pays fondateurs de l'Union européenne à un festival paneuropéen mêlant culture et sports. Depuis sa création, le festival est organisé annuellement dans un pays différent.

Actuellement, le festival compte 15 villes participantes, dont Schiffange, qui a déjà accueilli le festival en 2003, 2013 et 2022.





25.07. - 1.08.2026

European People's Festival - Bad Segeberg, Däitschland

Save the date



LU _ Hei fannt Dir den aktuellen Agenda an alles, wat deemnächst zu Schëffleng um Programm steet. Denkt drun, vu mëttwochs bis sonndes nomëttes an eist Schëfflenger Konschthaus luussen ze goen – et ass derwäert. Reegelméisseg Rendez-vousen, wéi de Bicherbus an de Schëfflenger Moart ginn och hei opgelëscht.

FR _ Vous trouverez ici l'agenda actuel ainsi que tout ce qui sera prochainement au programme à Schiffflange. Pensez à faire un tour au Schëfflenger Konschthaus, ouvert du mercredi au dimanche après-midi – cela en vaut la peine. Les rendez-vous réguliers, comme le Bicherbus et le marché de Schiffflange, y sont également répertoriés.

EUROPEAN MOBILITY WEEK

16-22 SEPTEMBER 2026

Mobility for Everyone

SCAN
ME



weider Infoen
zu den Events



Événements
gratuits

MOBILITYEvents



17.09

Workshop

Ënnerwee mat alle Sënner:
Mobilitéit nei verstoen

Inscription
obligatoire
via code QR
(gratuit)



19.09

Mini-Marche Gourmande

Parcours fir Vëloen an Trotinetten
Repair Workshop

Vëlostour duerch Schëffleng



T. (+352) 54 50 61 – 314



scc@schiffflange.lu
www.schiffflange.lu



150 JOER
SCHËFFLENG

Agenda

Online Agenda /
Agenda en ligne



Date	Événement	Horaire	Lieu
17.09.2026	Workshop: Ënnerwee mat alle Sënner Mobilitéit nei verstoen	18:00 - 20:00	Schëfflenger Haff
18.09 - 17.10.2026	Exposition - (P)review par Diane Jodes Vernissage - 17.09.2026 18:30	14:00 - 18:00 mer. → dim.	Schëfflenger Konschthaus
19.09.2026	En Dag am Zeeche vun der Mobilitéit	10:00 - 19:00	Place de la Liberté
19.09.2026	Mini-Marche Gourmande sur inscription	10:00 - 15:00	Départ : Place de la Liberté
19.09.2026	Tour duerch d'Duerf mam Vëlo sur inscription	16:00 - 19:00	Départ : Schëfflenger Haff
25.09 - 27.09	Foodtruck Festival - Folklorama		Pl. Grande-Duchesse Charlotte
26.09.2026	Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch	10:00 - 12:00 12:00 - 16:00	Teranga Pl. Grande-Duchesse Charlotte
3.10.2026	Kulturfest / Fête des cultures	11:00 - 22:00	Place de la Liberté
8.10.2026	Juegd vun der Nuecht: Fliedermaisentdecken - SICONA Kids	14:00 - 16:30	
10.10.2026	Commémoration nationale	18:00	Parc Léonie Koullen
12.10.2026	Ouverture Moartesaison		Place de la Liberté
17.10.2026	Journées européennes du Patrimoine - Feierowend, FerroForum	11:00 - 00:00	Atelier Central, Metzschmelz
23.10 - 21.11.2026	Exposition - Ivette Gastauer & Dan Gaasch Vernissage - 22.10.2026 18:30	14:00 - 18:00 mer. → dim.	Schëfflenger Konschthaus
28.10 - 11.11.2026	Exposition - Trauer, en Deel vum Liewen	8:00 - 12:00 14:00 - 17:00	Hôtel de Ville
1.11.2026	Griewerseenung / Bénédiction des tombes		Kierfecht / Cimetière
5.11.2026	Babysitterformatioun LU Inscription via code QR	8:45 - 18:30	Hôtel de Ville
6.11.2026	Babysitterformatioun EN Inscription via code QR	8:45 - 18:30	Hôtel de Ville
9.11.2026	Schëfflenger Moart	8:00 - 12:00	Place de la Liberté
14.11.2026	Nationalen Dag vum Bam		Schiffflange



Suite

Date	Événement	Horaire	Lieu
21.11 & 22.11.2026	Schöfflenger Hobbymoart	12:00 - 18:00	Hall Polyvalent
26.11.2026	Schöfflenger Sportspräis		Hall Polyvalent
27.11 - 19.12	Exposition - Ave Clesen & Anne-Marie Grimler Vernissage - 26.11.2026 / 18:30	14:00 - 18:00 mer. → dim.	Schöfflenger Konschthaus
28.11 - 4.12.2026	Bicherwoch / Semaine du livre		Hôtel de Ville
29.11.2026	Kleeschen / Visite de Saint Nicolas		
4.12.2026	Seniorefeier sur inscription à partir de début novembre	11:30	Hall Polyvalent
13.12.2026	Schöfflenger Moart	8:00 - 12:00	Place de la Liberté

Café Polyglotte

>>> Sprouchen · Languages <<<
English & Letzebuergesch



 Maison des Générations
1A, rue Jean Wilhelm, Schifflange

 Contact:
zesummeliewen@schifflange.lu



- 19.09.2026
- 26.09.2026
- 3.10.2026
- 10.10.2026
- 17.10.2026
- 24.10.2026
- 31.10.2026
- 14.11.2026
- 21.11.2026
- 28.11.2026
- 5.12.2026
- 12.12.2026
- 19.12.2026

Sëtzunge vum Gemengerot / Les séances du conseil communal

Sëtzunge bis Enn 2026 / Séances jusqu'à fin 2026

2.10.2026
30.10.2026
20.11.2026

4.12.2026
11.12.2026

En présentiel

Hôtel de Ville
Salle du conseil communal
Avenue de la Libération
Schifflange

Livestream



LU — D'Sëtzunge vum Gemengerot kënnen entweder bequeem iwwert de Livestream matverfollegt ginn oder „en présentiel“ besicht ginn, fir eng aktiv Biergerbedeelegung ze garantéieren. D'Datumer an d'Auerzäite vun dëse Sëtzunge ginn am Virfeld iwwert eis Websäit an op de Soziale Medie kommunizéiert, sou datt all interesséiert-e Bierger-in d'Méiglechkeet huet, sech z'informéieren an z'engagéieren a sech un deene wichtege Gemengeprozesser ze bedeelegen.

FR — Les séances de notre conseil communal peuvent être suivies confortablement en direct via le livestream ou assistées en présentiel, afin de permettre une participation citoyenne active. Les dates et horaires de ces séances sont communiqués à l'avance sur notre site internet ainsi que sur les réseaux sociaux, offrant ainsi à chaque citoyen-ne intéressé-e la possibilité de s'informer et de s'impliquer dans les processus communaux importants.

Bicherbus

Liesen deet gutt! /
Lire fait du bien!

LU — De Bicherbus kënn déi folgend Deeg op Schëffleng: **18. September um Parking vum Hall Polyvalent; 9. Oktober, 30. Oktober, 20. November an 11. Dezember op der Fräiheitsplaz virun der Gemeng**, ëmmer vun 11:10 bis 11:50 Auer. Hei fannt Dir Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch. D'Bicher ausléinen ass gratis.

FR — Le Bicherbus sera aux dates suivantes à Schifflange : **le 18 septembre sur le parking du Hall Polyvalent, les 9 octobre, 30 octobre, 20 novembre et 11 décembre sur la Place de la Liberté devant l'Hôtel de Ville**, et ce, toujours de 11:10 à 11:50 heures. Vous y trouverez des livres en luxembourgeois, allemand, français et anglais. Le prêt de livres est gratuit.





35, Av. de la Libération (3850, Schifflange)

Un projet porté par



AGENDA

AUTOMNE

SEPTEMBRE-NOVEMBRE

17 SEPTEMBRE
17H-19H

APERO AUX SAVEURS DU JARDIN

Dans le cadre de l'écofestival ACTE 2026, Teranga vous propose un moment relax autour d'un apéro avec des produits locaux et du jardin !

24 SEPTEMBRE
16H-19H

DÉGUSTATION BIO

Participez à une dégustation 100% biologique dans le cadre de la Bio Woch, découvrez Biovereenegung Luxembourg et savourez des légumes fournis par co-labor, acteur engagé dans le tissu luxembourgeois.

26 SEPTEMBRE
10H-12H

LËTZEBUERGESCH SPILLMOIEN

Passez un samedi matin de jeux autour de la langue luxembourgeoise, une occasion idéale pour toute la famille de découvrir, apprendre et s'amuser grâce à des activités ludiques.

24 OCTOBRE
15H-17H

A LA DECOUVERTE DES BOISSONS FERMENTÉES

Curieux·ses de découvrir de nouvelles saveurs et de mieux comprendre les secrets de la fermentation ? Rejoignez-nous prochainement pour un atelier participatif consacré aux boissons fermentées !

21 NOVEMBRE
11H-14H

CUISINE DE SAISON

Envie d'un atelier de cuisine simple, créatif et dans l'esprit d'automne ? Venez cuisiner un plat savoureux avec des produits de saison locaux !

28 NOVEMBRE
19H-21H

CINÉ DÉBAT

Dans le cadre du "Festival AlimenTerre", assistez à une projection inédite qui vous plongera au cœur des grands enjeux écologiques de notre temps, suivie à la fin d'un petit débat.



Mardi, jeudi et samedi
11h-19h

Pour en savoir plus,
explorez notre site:



SAVE THE DATE !

**16 OCTOBRE - JOURNÉE MONDIALE
DE L'ALIMENTATION**



TOUTES LES ACTIVITÉS SONT GRATUITES, SUR
INSCRIPTION À L'ADRESSE TERANGA@SOSFAIM.ORG

Fokus

Development
Environment
Kids
Youth
Seniors
Sports



LU _ Hei fannt Dir interessant a wichtig Infoen zu deene verschiddensten Themen. Energie-Rotschléi, Neiegkeeten aus dem Jugendberäich an divers aner Matdeelunge ginn hei u Fra a Mann bruecht.

FR _ Dans cette section, vous trouverez des informations intéressantes et importantes sur différents thèmes, telles que des conseils en matière d'énergie, des nouvelles du secteur de la jeunesse et des communications diverses.





Development

Aktuell Chantieren an Neiegkeeten zu Schëffleng / Chantiers en cours et nouveautés à Schifflange

LU — An eiser Gemeng gëtt weider intensiv un der Zukunft geschafft. Mat véier grouse Chantieren entwéckelt sech Schëffleng strukturell weider a stäerkt säin Zentrum souwéi d'Liewensqualitéit vun de Bierger-innen. Déi aktuell Aarbechten, ë. a., am Zentrum, an der Bestgens Millen an um Projet A Kassen droen dozou bäi, d'Gemengeliewe modern, nohalteg an attraktiv ze gestalten.

FR — La Commune de Schifflange, continue de s'investir intensivement dans l'avenir des infrastructures. Avec quatre chantiers majeurs, Schifflange poursuit son développement structurel et renforce à la fois son centre et la qualité de vie de ses citoyen-ne-s. Les travaux en cours, entre autres, dans le centre, au Moulin Bestgen et à la maison « A Kassen » contribuent à façonner un cadre communal moderne, durable et attractif.

Chantier am Zentrum / Chantier au centre

LU — Am Zentrum sinn d'Drénkwaasserleitungen, d'Wärmenetz an d'Netzer fir Beliichtung, Stroum an Telekommunikatioun erneiert ginn. Zousätzlech ass eng nei Reewaasserkanalisation ugeluecht ginn. De provisoresche Busarrêt huet endlech säin definitiven, modern amenagéierte Quai kritt.

De Chantier ass quasi ofgeschloss – et feelen nëmmen nach déi lescht Finitioune.



FR — Au centre, les conduites d'eau potable, le réseau de chaleur ainsi que les réseaux d'éclairage public, d'électricité et de télécommunication ont été entièrement renouvelés. Une nouvelle canalisation pour les eaux pluviales a également été installée. L'arrêt de bus provisoire a enfin été remplacé par un quai définitif, moderne et aménagé de manière fonctionnelle.

Le chantier est quasiment achevé : il ne reste plus que les dernières finitions.



Chantier Bestgens Millen / Chantier Moulin Bestgen



LU — Och d'Bestgens Mille kritt en neit Gesiicht: Dat klasséiert historescht Gebai gëtt aktuell komplett sanéiert an an eng modern Accueils- an Erzéiungsstruktur fir Jugendlecher vun 11 bis 17 Joer ëmgebaut. Dës Struktur gëtt vun der Organisatioun Telos Education gëréiert, déi och op der Plaz hir Büro wäert hunn. Telos bitt psychosozial Betreierung fir Familljen an Nout un a fërdert innovativ Projeten am edukativen, sozialen a kulturelle Beräich.

Deen Deel, wou fréier de Restaurant war, gëtt komplett reamenagéiert. Hei soll eng nei Brasserie/ Restaurant mat enger flotter Terrasse entstoen.

FR — Le Moulin Bestgen se transforme lui aussi : ce bâtiment historique classé est actuellement en pleine rénovation et sera converti en structure d'accueil et d'éducation pour jeunes de 11 à 17 ans. Cette structure sera gérée par l'organisation Telos Education, qui disposera également de bureaux sur place. Telos propose un accompagnement psychosocial pour les familles en difficulté et soutient des projets innovants dans les domaines éducatifs, sociaux et culturels.

La partie où se trouvait autrefois le restaurant sera entièrement réaménagée. Une nouvelle brasserie/ restaurant avec une belle terrasse y ouvrira ses portes.



Haus A Kassen / Maison « A Kassen »



LU Am Projet A Kassen entsteet e multifunktionelle Quartier, deem d'Gemengeliewen op ville Niveaue bereechere wäert.

Am neie Gebai entstinn:

- Dräi sozial Wunnenge vun 1-2 Zëmmeren, als WG ënnert dem Statut vum SLEMO (Service Logement Encadré en Milieu Ouvert), gëréiert vun Telos;
- E Centre Maman/Bébé mat 6 Zëmmeren - eng permanent betreite Struktur fir jonk Mammen a Puppelcher;
- Geschäfte: Metzler, Apdik, Botzerei (Pressing);
- Eng Dokterpraxis mat bis zu 5 Behandlungszëmmeren.

D'Gebai wäert och Schëfflenger Veräiner ophuelen, dorënner de Video- a Fotoclub an de Gesangsveräin an um Rez-de-Chaussée ass eng Buvette virgesinn. Ee polyvalente Sall vun 100 m² wäert dann och fir Veranstaltungen, Formatiounen oder Assembléeën zur Verfügung stoen.

All Flachdiecher gi begrängt, an den technesche Schapp kritt Solarpanneauen. D'Heizung an d'Klimatisatioun lafen iwwer Geothermie mat 8 Buerunge vun 200 m Déift.

FR Le projet « A Kassen » donnera naissance à un quartier multifonctionnel qui enrichira la vie communale à plusieurs niveaux.

Le nouveau bâtiment accueillera :

- Trois logements sociaux de 1 à 2 chambres, loués sous forme de colocation dans le cadre du SLEMO (Service Logement Encadré en Milieu Ouvert), gérés par Telos ;
- Un centre Maman/Bébé comprenant 6 chambres, une structure d'accueil permanente pour jeunes mamans et leurs bébés ;
- Plusieurs commerces : boucherie, pharmacie, pressing ;
- Un cabinet médical avec jusqu'à 5 salles de consultation.

Le bâtiment hébergera également des associations schifflangeoises, dont le club de vidéo et de photo ainsi que la chorale. Une buvette est prévue au rez-de-chaussée, et une salle polyvalente de 100 m² sera disponible pour des événements, des formations ou des assemblées.

Les toitures plates seront végétalisées, le local technique sera équipé de panneaux solaires, et le chauffage ainsi que la climatisation fonctionneront grâce à la géothermie, avec 8 forages de 200 m de profondeur.



Chantier an der Denis Netgen Strooss / Chantier dans la rue Denis Netgen

LU — An der Rue Denis Netgen solle Verkéiersberouegungsmoossmat ëmgesat ginn, fir d'Sécherheet an enger Strooss mat héijem Verkéiersdrock ze verbesseren. Virgesi sinn zwee hell markéiert Plateaue fir d'Vitess ze reduzéieren, d'Upassung vun de Zeebrasträifen a Buedemmarkéierungen mat enger Vitesslimit vum 30 km/h op engem Deel vun der Strooss. De Chantier soll am 4. Trimester 2026 lassgoen a ronn dräi Méint daueren. Fir de Verkéier oprecht ze erhale bléift d'Strooss während den Aarbechten an deenen zwou Richtungen op an de Verkéier gëtt punktuell iwwer Luuchte gereegelt, fir d'Sécherheet vun den Aarbechter an de Stroossebenotzer ze garantéieren.



FR — Des mesures de modération du trafic seront mises en œuvre dans la rue Denis Netgen afin d'améliorer la sécurité sur cet axe fortement sollicité. Le projet prévoit l'installation de deux plateaux ralentisseurs en revêtement clair, la mise en conformité des passages pour piétons ainsi que des marquages au sol rappelant la limitation de vitesse à 30 km/h sur une partie de la rue. Le chantier débutera au 4^e trimestre 2026 et s'étendra sur environ trois mois. Pour maintenir la circulation, la rue restera ouverte dans les deux sens durant les travaux, avec une régulation ponctuelle par feux tricolores afin de garantir la sécurité des ouvriers et des usagers.

Demolitioun vun engem Gebai op der Metzschmelz am November / Démolition d'un bâtiment sur le site de la Metzschmelz en novembre



LU — Am Kader vun der Neigestaltung vum neie Quartier Metzschmelz steet geschwënn eng wichteg Etapp vun den Aarbechten un: d'Demolitioun vum elektreschen Uewen B19 um industrielle Site. Dës Aarbecht ass aktuell fir den 22. November, tëscht 6:00 an 12:00 Auer geplangt.

Während den Aarbechten ass et méiglech, datt Dir Kaméidi an e verstärkte Camionsverkéier bemierkt, souwéi ee reegelméisseg nützen, fir de Stëbs ze limitéieren. Sécherheetsmoossmaten an, wann néideg, Deviatioune vum Verkéier ginn an Zesummenaarbecht mat de zoustännegen Autoritéiten ëmgesat. Mir soen de Awunner:innen

ronderëm villmools Merci fir hir Versteesdemech an hir Geduld während dësen Aarbechten, déi zur Transformatioun vum Site Metzschmelz an en neie Quartier bäidroen.

FR — Dans le cadre de la requalification du quartier Metzschmelz, une étape importante des travaux aura bientôt lieu : la démolition du four électrique B19 sur le site industriel. L'intervention est prévue le 22 novembre, entre 6:00 et 12:00 heures. Durant les travaux, du bruit, une circulation accrue de camions et une humidification régulière du chantier pour limiter la poussière sont à prévoir. Des mesures de sécurité et d'éventuelles déviations seront mises en place en collaboration avec les autorités compétentes. Nous remercions chaleureusement les riverain·e·s pour leur compréhension et leur patience, ces travaux contribuant à la transformation du site Metzschmelz en un nouveau quartier.

Environnement



Commune sans Tabac

LU __ Zigarettestëmp richtig entsuergen

Och wann d'Gemeng Schëffleng eng Commune sans Tabac ass, si sech d'Responsabele bewosst, datt et schwéier – wann net onméiglech – ass, d'Zigarette op 100 % vum Gemeindegebiet ze verbannen. Fir déi negativ Auswierkunge vun de Stëmp sou gutt wéi méiglech ze reduzéieren, huet d'Gemeng an der Vergaangenheet scho substantiell Efforte gemaach.

Zu de Sensibiliséierungsmacaronen mat der Opschrëft „Ici commence la mer“, déi scho bei verschidde Gullien um Gemeindegebiet placéiert goufen, koumen elo eng Dose weider Macaronen am Ëmfeld vun de Schoulgebäier dobäi. D'Zil ass et, d'Awunnerinnen drop opmierksam ze maachen, hir Stëmp net op de Buedem ze geheien, mee se an déi speziell dofir virgesinnene Äschebecheren ze geheien. Dës Äschebecheren, déi exklusiv fir Zigarettestëmp geduecht sinn, stinn op iwwer eng Dose Plazen am ëffentlechen Raum.

Well awer déi meescht Zigaretten doheem gefëmmt ginn, steet op der Fräiheitsplaz, nieft dem groussen Ecran, eng speziell Borne, wou all Awunnerin, Cafetier oder Restaurateur seng gesammelt Stëmp rageheie kann. Speziell Sammeleemeren kritt een am Service de l'urbanisme et du développement durable (14, Libérationstrass).

FR __ Jeter ses mégots correctement

Bien que la commune de Schiffflange soit une commune sans tabac, les responsables sont conscients qu'il est difficile, voire impossible de bannir la cigarette à 100 % de notre territoire. Afin de réduire au mieux les effets néfastes environnementaux de la cigarette, la Commune a entrepris des efforts considérables par le passé.

Aux macarons de sensibilisation « Ici commence la mer », déjà placés près de différents égouts de la commune, viennent désormais s'ajouter une dizaine d'exemplaires autour des bâtiments scolaires. L'objectif est de sensibiliser les citoyen·ne·s à l'importance de ne pas jeter leurs mégots au sol et de les jeter dans les cendriers prévus à cet effet. Ces cendriers, spécialement conçus pour mégots, sont installés à une douzaine d'endroits du domaine public.

Cependant, comme la plupart des cigarettes sont fumées à domicile, une borne spéciale a été installée sur la place de la Liberté, à côté du grand écran, où chaque citoyen·ne, cafetier ou restaurateur·rice peut jeter ses mégots collectés. Des seaux spéciaux de collecte sont disponibles au Service de l'urbanisme et du développement durable (14, av. de la Libération).

Neiegkeet: Een Täschenäschebecher a Form vun enger Schëffsroll! Nouveauté : le cendrier de poche en forme de poulie de bateau !

LU Fir all déi, déi net op d'Zigarette verzichten wëllen (oder kënnen), stellt d'Gemeng gratis Täschenäschebecheren zur Verfügung, déi zu 100 % aus recycelée Stëmper hiergestallt goufen. Dës Äschebecheren, wäschbar, ëmmer rëm benotzbar, hermeeteschen a waasserdicht, kënnen am Service de l'urbanisme et du développement durable (14, Libérationstrooss), soulaang de Stock et zouléisst, ofgeholl ginn.

Dës Moossnam ass Deel vum Projet „Zéro Mégot“, deen e Kreeslafsystem fir d'Sammelen, d'Depolluieren an d'Valoriséieren vun Zigarettestëmper ubitt.

D'Gemeng seet alle Biergerinnen a Geschäftsleit Merci, déi sech schonn aktiv um Projet bedeelegen, a rëfft dozou op, weiderhin hir Stëmper an déi virgesi Bornen ze geieren.




FR Pour celles et ceux qui ne veulent ou ne peuvent pas se priver de la cigarette, la Commune leur met gratuitement à disposition des cendriers de poche, fabriqués 100 % à base de mégots recyclés. Ces cendriers, lavables, réutilisables, hermétiques et étanches, peuvent être retirés auprès du Service de l'urbanisme et du développement durable (14, av. de la Libération) dans la limite des stocks disponibles.

Cette initiative s'inscrit dans le cadre du projet « Zéro Mégot », qui propose un circuit de collecte, de dépollution et de valorisation des mégots dans une logique d'économie circulaire.

Nous tenons à remercier tous les citoyen·ne·s et commerçant·e·s qui participent déjà activement au projet et à les encourager à continuer à déposer leurs mégots dans les bornes prévues à cet effet.



Offallverwaltung / Gestion des déchets



LU — Ressourcenkonservatioun:

Mir sinn um richtege Wee!

D'Grafik hei uewe weist konkret, wéi intensiv an zilsécher d'Gemeng an de leschte Joren dru geschafft huet, d'Quantitéit u Hausoffall (gro Poubelle) systematesch ze reduzéieren. Aktuell leie mir bei 114 kg pro Awunner-in a pro Joer. Dat deklaréiert Zil bleift, d'Quantitéit u Hausoffall méttelfristeg op manner wéi 100 kg pro Awunner-in erofzesetzen.

2025 konnt d'Quantitéit u residuellem Offall op engem relativ nidderegen Niveau gehale ginn. Dat ass engersäits op eis konsequent Offallstrategie zeréckzeféieren, mee anerersäits gëllt och: Déi bescht Reglementer bréngen näischt, wann d'Awunner-innen net matzéien. E grouse Merci fir Är Participatioun!

Et handelt sech ëm eng järelech Evaluatioun vun der Offallgestioun an alle Gemengen, duerchgefouert vun der Ëmweltverwaltung. D'Resultater decke

FR — Préservation des ressources :


Nous sommes sur la bonne voie !

Le graphique ci-dessus illustre concrètement les efforts déployés ces dernières années pour réduire systématiquement la quantité de déchets ménagers (poubelle grise). Actuellement, nous en sommes à 114 kg par habitant-e et par an. L'objectif déclaré reste de ramener la quantité de déchets ménagers à moins de 100 kg par habitant-e à moyen terme.

En 2025, la quantité de déchets résiduels collectés a pu être maintenue à un niveau relativement bas. Cela tient d'une part, à notre approche rigoureuse en matière de gestion des déchets, mais d'autre part même la meilleure réglementation en la matière ne sert à rien si les habitant-e-s ne jouent pas le jeu. Un grand merci pour votre participation !

Il s'agit d'une évaluation annuelle de la gestion des déchets de toutes les communes, réalisée par l'Administration de l'environnement. Les résultats portent notamment sur les domaines

Résultats de l'outil d'évaluation de la gestion des déchets au niveau communal ou intercommunal pour l'année 2025



■ Objectif (presque) atteint ■ Très avancé ■ Avancé
■ État initial ■ Aucune soumission

ë. a. dës Beräicher of: Informatioun vun de Bierger-innen, Ressourcenzentren, Offallpräventioun a Valoriséierung, öffentlech Manifestatiounen, Sammlung, Recyclage an Entsurgung. Schöffleng gehéiert zu de 26 Gemengen, déi déi maximal Bewäertung „Zil (bal) erreecht“ kruten. D'Resultater sollen eis motivéieren, eis gemeinsam Offallpräventiouns- a Recyclingsstrategie mat Determinatioun weiderzeféieren. Hei e puer Beispiller:

Eis jeeweileg ugepasste Reglementer an d'Subventiounen am Beräich vun der nohalteger Entwécklung gesi ë. a. kommunal Hëllef fir d'Benotze vu rëm benotzbare Wëndeke vir, souwéi Subventiounen fir d'Reparatur vu verschidden defekten elektreschen Apparater. Zousätzlech optiméiere mir geschwënn d'öffentlech Poubellen op der Fräiheitsplaz, déi de selektiven Tri erlaabt. Identesch Modeller ginn an de kommende Joren op weider Plazen installéiert.

suivants : information des citoyens, centres de ressources, prévention et valorisation des déchets, manifestations publiques, collecte, recyclage et élimination des déchets. Schiffflange fait partie des 26 communes ayant obtenu la note maximale « Objectif (presque) atteint ».

Les résultats décrits ci-avant devraient nous encourager à poursuivre avec détermination notre démarche commune en matière de prévention et de recyclage des déchets. En voici quelques exemples : nos règlements respectifs modifiés en la matière, les subventions en faveur du développement durable prévoient entre autres des aides communales pour l'utilisation de couches réutilisables, ainsi que pour la réparation de divers appareils électriques défectueux. De plus, nous optimiserons prochainement la poubelle publique se trouvant sur la place de la Liberté qui permet le tri sélectif, sachant que des modèles identiques seront installés dans les années à venir.



LU — D'Schöfflenger Gemeng ass e groussen Déierefrënn. Hei fannt Dir eng Muppewiss, Muppentoiletten, esou wéi etlech Spendere mat gratis

Dreckstute fir de Muppendreck. Benotzt se w.e.g. an denkt drun, datt Dir als Besëtzer-in den Dreck vun Ären Hënn musst oprafen.

FR — La Commune de Schiffflange est une grande amie des animaux. Vous y trouverez une aire de liberté pour chiens, des toilettes canines ainsi que plusieurs distributeurs de sachets gratuits pour les déjections. Merci de les utiliser et de garder en tête qu'en tant que propriétaire, vous êtes tenu-e de ramasser les besoins de votre chien.

Subventiounen am Beräich Klima, Energie an Naturressourcen / Subventions communales pour le climat et l'énergie

LU — Zanter ville Joren engagéiert sech d'Gemeng Schëffleng aktiv fir Investitiounen ze fërderen, déi d'Energietransitioun, d'Kreeslafwirtschaft an d'Upassung un de Klimawandel op hirem Territoire ënnerstëtzen. Dat geschitt ënner anerem duerch d'Vergi vu kommunale Finanzhëllef.

De jeeweilege Subventiounsreglement gouf viru kuerzem vum Gemengerot ugeholl. Dobäi goufen, op där enger Säit, komplementar Subventiounen zu de staatleche Finanzhëllef an, op där anerer Säit, onofhängeg kommunal Subventiounen berücksichtigt, déi gezielt Moossnamen am Klima-, Energie- a Mobilitätsberäich ënnerstëtzen.

Op der nächster Säit fannt Dir zwou Tabellen (op Franséisch), déi lech en Iwwerbléck iwwer d'finanziell Hëllef ginn, déi zënter dem 1. August 2026 gëllen.

Eng weider Neiegkeet

Dir hutt elo méi Zäit fir Är Demarchen: den Delai fir d'Aschécke vun enger Demande gouf verduebelt a läit elo bei 6 Méint.

Fir all weider Informatioun kënnt Dir de Service de l'urbanisme et du développement durable kontaktéieren: 54 50 61 – 343.

FR — Depuis de nombreuses années, la Commune de Schifflange s'engage activement à encourager les investissements qui soutiennent la transition énergétique, l'économie circulaire et l'adaptation au changement climatique sur son territoire grâce à l'octroi d'aides financières communales.

Le règlement communal correspondant a été approuvé récemment par le conseil communal. Il tient compte, d'une part, des subventions complémentaires aux aides financières étatiques et, d'autre part, des subventions communales indépendantes destinées à soutenir notamment les mesures d'adaptation au climat, la transition énergétique, l'économie circulaire et la mobilité douce.

Sur la page suivante, vous trouverez deux tableaux qui offrent un aperçu des aides financières applicables depuis le 1^{er} août 2026.

Autre nouveauté

Vous disposez désormais de plus de temps pour vos démarches : le délai d'introduction des demandes a été doublé et passe à 6 mois.

Pour toute information supplémentaire, vous pouvez contacter le Service de l'urbanisme et du développement durable au 54 50 61 – 343.

Wéi kënnt Dir Är Demande areechechen?

De Formulaire an de detailléierte Reglement kritt dir:

- Online um Site vun der Gemeng: <https://schifflange.lu/documents/>
- Beim Service de l'urbanisme et du développement durable souwéi am Gemenghaus
- Iwwer de QR-Code

Comment soumettre votre demande ?

Le formulaire de demande ainsi que le règlement détaillé sont disponibles :

- En ligne sur le site de la commune : <https://schifflange.lu/documents/>
- Auprès du Service de l'urbanisme et du développement durable et à l'Hôtel de Ville
- Via le code QR





1. La commune octroie une **aide financière complémentaire aux subventions étatiques** accordées pour la construction durable et la rénovation énergétique :

Construction d'un logement durable	Projets respectant l'ensemble des critères de la certification nationale LENOZ
Assainissement énergétique	Travaux d'isolation thermique globale ou partielle de l'enveloppe du bâtiment
Installation solaire thermique	Systèmes destinés à la production d'eau chaude sanitaire
Pompe à chaleur	Installation de pompes à chaleur de haute efficacité énergétique
Chaudière à bois	Systèmes de chauffage central à biomasse (pellets, bûches ou plaquettes)
Réseau de chauffage	Raccordement à un réseau de chaleur urbain ou création d'une installation dédiée
Photovoltaïque en autoconsommation	Installation photovoltaïque destinés à couvrir la consommation locale en électricité
Photovoltaïque avec injection	Installation photovoltaïque réinjectant l'électricité produite dans le réseau communal/national
Stockage par batterie	Ajout d'une batterie domestique associée à une installation photovoltaïque en autoconsommation

2. Les mesures éligibles aux **subventions communales indépendantes** sont les suivantes :

Mesure d'adaptation au climat a. Façade végétalisée b. Toiture végétalisée sur bâtiment existant c. Désimperméabilisation et végétalisation des surfaces d. Cuve de récupération des eaux puviales	Transition énergétique a. Pompe de chauffage à haute efficacité b. Centrale photovoltaïque de balcon	Acquisition de gros électroménagers a. Lave-linge b. Lave-vaisselle c. Réfrigérateur d. Congélateur
Économie circulaire - réparation de gros électroménagers a. Lave-linge b. Lave-vaisselle c. Réfrigérateur d. Congélateur	Mobilité douce a. Vélo b. E-bike c. Trottinette d. Trottinette électrique	Car sharing

Nei Waassercompteure fir d'Schöfflenger Stéit / Nouveaux compteurs d'eau pour les foyers schifflangeois



LU D'Gemeng Schöffleng befénnt sech zanter enger Zäit an enger Iwwergangsphas a Richtung Smart City an ersetzt no an no all Waassercompteuren an de Schöfflenger Stéit.

Mat dëser Moderniséierung gëtt d'Infrastruktur méi effizient, méi sécher an nach méi nohalteg fir all Biergerinnen a Bierger.

Eis Gemengenaarbechter, déi sech entspriechend ausweise kënnen, huelen no an no Kontakt mat de Biergerinnen a Bierger op – per Bréif, per Telefon oder direkt bei hinnen doheem –, fir de Compteur auszetauschen oder e Rendez-vous fir den Austausch auszemaachen.

Mir soen lech Merci fir Äert Versteedsdemech an Är Zesummenaarbecht.

FR La Commune de Schifflange est engagée depuis un certain temps dans une phase de transition vers une Smart City et procède progressivement au remplacement de tous les compteurs d'eau dans les habitations schifflangeoises.

Cette modernisation permet de rendre l'infrastructure plus efficace, plus sûre et encore plus durable pour l'ensemble des citoyennes et citoyens.

Nos agents communaux, dûment identifiables, contacteront progressivement les habitant-e-s, par courrier, par téléphone ou directement à leur domicile, afin de remplacer le compteur ou de convenir d'un rendez-vous pour procéder à son remplacement.

Nous vous remercions pour votre compréhension et votre collaboration.



www.fairtradegemeng.lu / 2026

EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



38 AU LUXEMBOURG, UN RÉSEAU MONDIAL

Notre commune fait partie des 38 communes au Luxembourg qui s'engagent pour le commerce équitable dans le cadre du programme Fairtrade Gemeng.

Par nos achats et nos actions de sensibilisation, nous soutenons un commerce plus juste pour les producteurs et travailleurs du Sud global. Nous faisons ainsi partie des 4 942 initiatives Fairtrade Towns à travers le monde qui œuvrent pour un avenir plus équitable.


Vous êtes 446 128 résidents luxembourgeois à vivre dans une commune Fairtrade. Ensemble, par une consommation responsable, équitable et durable, faisons de notre force collective un levier pour le respect des droits humains et de l'environnement.

Le mouvement Fairtrade soutient plus de 2 millions de producteurs et travailleurs agricoles répartis dans 67 pays en Afrique, Asie-Pacifique, Amérique latine et aux Caraïbes

LOCAL CHANGE FOR A GLOBAL FUTURE

The International Fair Trade Towns Conference is coming to Belgium. From 9 to 11 October 2026, join actors from around the world to exchange ideas, get inspired, and strengthen fair trade together. On the programme: conferences, workshops, field visits, and inspiring encounters around the theme "Local Change for a Global Future".

Every year the conference brings together campaigners, activists, volunteers, policy makers, organisations, enterprises and communities from around the world to plan together to strengthen the global fair trade movement.



Scannez le code pour voir la carte des communes Fairtrade du Luxembourg



Mir maache mat!

BOOK YOUR PLACE NOW
AND BE PART OF THE MOVEMENT!
WWW.IFTTC2026.BE

Kids

Schöffleng Haut

LU — An dëser Rubrik fannt Dir Informatiounen an Aktivitéiten, déi fir Kanner a Famillje geduecht sinn.

FR — Dans cette rubrique, vous trouverez des informations et activités destinées aux enfants et à leurs parents.







Babysitting.lu

Babysitter / Baby-sitter

LU — D'Gemeng Schëffleng ass Partner vun der eenzeger akkreditierter Babysitting-Plattform am Land:

Babysitting.lu. Hei fannt Dir duerch eng onkomplizéiert an einfach Sich qualifizéiert Babysitter-innen aus Ärer Géigend. De Site ass fir jidderee gratis a bitt lech nieft der Sichfunktoun och eng ganz Rei nätzlech Informatiounen an Tools, déi lech um Wee zu enger flotter Zesummenaarbecht mat der richteger Betreuungspersoun wäerten nätzlech sinn.

FR — La Commune de Schifflange est partenaire de la seule plateforme de babysitting accréditée du pays :

Babysitting.lu. Vous y trouverez, grâce à une recherche simple et intuitive, des babysitters

qualifié-e-s dans votre région. Le site est gratuit pour tout le monde et propose, en plus de la fonction de recherche, une série d'informations utiles et d'outils pratiques pour vous accompagner vers une collaboration agréable avec la personne de garde qui vous convient.

Crèchen an Dageselteren / Crèches et assistants parentaux

LU — Am Kader vun der Initiativ **Staark Kanner** fannt Dir op hirem Site (ssl.education.lu/sea/StaarkKanner) déi komplett Lëscht vun den agreéierten (konventionéierten a privaten) Betreuungsstrukturen esou ewéi den Dageselteren aus dem Land. Dës Lëscht gi vum Educatiounsministère géréiert a reegelméisseg aktualiséiert.

FR — Dans le cadre de l'initiative **Staark Kanner**, vous trouverez sur leur site (ssl.education.lu/sea/StaarkKanner) la liste complète des structures d'accueil agréées

